ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 14/01/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 8 November 2024

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Stefanie BLOCK Rosie BRANDENBURGER Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Seth RUEF Lydie RUPPERT Suzanne WEIS-COLLÉ		Claude Mathekowitsch

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 26 September
3. Kaffistuff

   Konferenz iwwert d' Fleegeversécherung
4. Seniore Feier
5. Summer Ausfluch
6. Fréijoer' s Sortie
7. Divers a nächst Dagesuerdnung

Helperknapp, 14/01/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen gegréisst. All d' Memberen waren präsent.

Punkt 2 : Rapport vum 26 September

De Rapport vum 26 September 2024 gouf eestëmmeg approuvéiert.

Punkt 3 : Kaffi Stuff

Mir haten eis Sëtzung zesummen mat eisem Invité dem Claude Mathekowitsch an der aler Schoul vu Béiwen am Raum vun der Amiperas. Dat wor ganz gemitterlech a mir waren all an enger gudder an motivéierter Stëmmung.

D' Amiperas trëfft sech hei all 2 Woch. Ab dem neie Joer, so informéiert de Claude, esouguer al Woch.

Zum Kontext: D' Kommissioun huet jo proposéiert fir eng Kaffistuff fir Senioren ëm déi ~5 Mol am Joer z' organiséieren. Detailer heizou sinn an viregten Rapporten. Et geet elo drëm fir de fine Tuning ze maachen, den Oflaf ze definéieren a fir d' Besoinen u Material an Ariichtung ze spezifiéieren.

De Claude huet eis den Nieweraum gewisen den elo fäerdeg ass an deen zur Verfügung steet fir notamment och eisen Kaffistuff Nomëtten do duerchzeféieren. Am Moment ass de Raum nach eidel, et stinn keng Miwwelen dran.

- Duerfir brauche mir mindestens 6 Dëscher mat den entspriechenden Still, a mir géifen eis freeën iwwert Ënnerstëtzung vun der **Gemeng**.
- Am Moment gesi mir nach kee Bedarf un zousätzlechen Geräter a Materialien. Dat kann sech vläicht änneren no der éischter Kaffi Stuff. De Claude Mathekowitsch huet ugebueden op Saachen vun hinnen kënnen zeréck ze gräifen. D' Corinne sot him villmools Merci fir seng Propose.
- Bei Tasen, Telleren an Glieser géifen mir gären **Gemenge** Geschier ausléinen.

Mir hunn den Datum an den Treffpunkt fir déi éischt Kaffi Stuff fixéiert an zwar:

Den 13 Februar 2025 vun 14h bis 18h an der aler Schoul am Lëtschert zu Béiwen

natierlech ënnert der Konditioun dat et fir d' Gemeng an der Réi ass.

Wat biede mir un a wat brauche fir den Ufank:

- Spiller a ev. angeneem Musek. Bei de Spiller denke mir z.B. u Kaarten, Schach, Millchen, Mensch ierger dech net asw.
- Gemitterlech zesumme sinn, awer och Diskussioun Ronnen, bei Bedarf spezifesch Berodungen,.....
- Kaffi a Kuch an anert Gedrénks géint eng kleng Contributioun. Sollt eppes iwwreg bléiwen, da geet et an e gudden Zweck.
- Aner Aktivitéit, mir sinn selbstverständlech offen fir all Iddi an Ureegung.

D' Corinne preparéiert eng Propose fir e Flyer!

Et bleift nach ze klären op mir eng Navette iwwert d' Gemeng organiséieren? Et ass net kloer wéivill Leit dovun géifen profitéieren. Et sollen jo keng Eidel Faarten sinn! Et kann een awer z.B. am Flyer notéieren dat een "op Demande kann ofgeholl ginn".

Punkt 4 : Konferenz iwwert Fleegeversécherung

Leider konnt d' Konferenz aus zäitlechen Grënn net um festgeluechten Datum stattfannen.

Als neien Datum hu mir den 23 Januar d' nächst Joer festgehalen. D' Konferenz wier dann um 16h30 an der Koll.

Punkt 5 : Divers a nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Bilan Seniore Feier
- Kaffi Stuff
- Summer Ausfluch Termin
- Divers

Nächst Sëtzung

9 Januar um 18h15, am Amiperas Sall um Lëtschert zu Béiwen

Helperknapp, 14/01/2025

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.